


Klautjen

Gemengeblat Biissen

01/2014

Gemeng Biissen. Eng Gemeng déi verbënnt.



04 Pesticides

20 Cours de luxembourgeois

25 SIDEN





Am Numm vun der Kommissioun a vun der Gemeng Bissen wënsche mer lech e schéint neit Joer, och wann dat elo scho richtig am Lafen ass.

Ee vun eise Virsätz ass, lech weiderhin, an dëst a regelméissegen Ofstänn, de Klautjen ze presentéieren.

An dëser Ausgab informéiere mir lech iwwert de Pacte Climat, deem eis Gemeng am Joer 2013 bäigetrueden ass. Zil ass et, esou gutt wéi méiglech e Maximum vu Moossnahmen aus dem Pacte Climat Katalog ëmzesetzen. D'Gemeng wëll sengem Bierger mam gudden Beispill virgoen.

Natierlech fannt Dir och Berichter a Fotoen, ënner anerem vum Chrëschtmaart, vun der Feier vum 3. Alter an dem Neijoerschspatt.

2014 soll awer och d'Joer sinn, an deem de Schäfferot eng ganz Rei vu Projeten, déi hien bis dato ausgeschafft huet, réaliséiere wäert. Dorënner d'Aféierung vun enger moderner Schliessanlag fir eis ëffentlech Gebaier, d'Erneierung vun der Rue de la barrière, eng Ampelanlag, déi de Verkéiersproblem an der Grand-rue léise soll. Kleng Bousbiert 2 gëtt Propriétéit vun der Gemeng, an d'Aarbechten um Sportkomplex sollen an der zweeter Hallschent vum Joer ufänken.

Desweiderei ginn och grouss Lotissementer an hir Realisatiounsphase. Nach virum Summer sollen d'Baggeren "Am Brill" an "Um Knapp" rullen.

Schlussendlech huet de Schäfferot eng Etude an Opdrag ginn, an där de Schoulwee vun eise Kanner soll analyséiert ginn, fir dann eventuell Moossnahmen ze huelen, déi zu enger méi grousser Sécherheet géife bäidroen.

Mir wënschen lech vill Spaass beim Liese vun dëser Editioun.

David VIAGGI
Président - Kommissioun fir Informatioun a Medien

Sommaire

Klautjen 01/2014

Pacte Climat	3	Audition élèves	17
Pesticides	4	Monschau	17
Projet AIO	6	LASEP im Schuljahr 2013/2014	18
IMAC Ecole	6	Finale vun der Coupe Scolaire	19
Journée de commémoration nationale	7	Lëtzebuergesche Schreifatelier	20
Neijoerschessen	7	Checkiwwerreeschung	21
Autorisations de bâtir	8	Summerfest a Porte ouverte	21
Neie Wäschbuer	9	Chrëschtmaart	22
Mobilité	10	Mierscher Lieshaus	24
Wahlresultat vum 20. Oktober 2013	11	Siden	25
Mat Spill a Spaass duerch eis Bëscher	12	31 neue Ersthelfer in Bissen	26
Adventsfeier mit Seniorenehrung	13	Toiture Pick	27
Ferienaktivitäten in Bissen	14	Atelier du Tricentenaire	28
Schouffest 2013	15	Compte rendu des séances du conseil communal /	
D'Crèche Margreithen geet an den Zirkus	15	Gemeinderatsbericht	30
Choco Crossien, Pralinéen a Co fir e gudden Zweck	16	Manifestatiounskalenner	36

Pacte Climat



Le Pacte Climat a été mis en place par le Ministère du Développement Durable et des Infrastructures et offre désormais la possibilité aux communes de structurer leur politique climatique et énergétique, de réduire leurs coûts énergétiques grâce à l'amélioration de l'efficacité énergétique et de stimuler les activités économiques locales et régionales, tout en profitant d'un soutien technique et financier de la part de l'Etat.

Par la signature du contrat avec l'Etat, les communes s'engagent à mettre en œuvre un système de gestion de qualité basé sur le „European Energy Award®“ au niveau de leur politique énergétique et climatique et à instaurer un système de comptabilité énergétique pour leur infrastructures et équipements communaux.


Notre commune s'est engagée dans le Pacte Climat et bénéficie désormais des avantages suivants en ayant notamment la possibilité :

- de structurer sa politique climatique et énergétique grâce à un système de gestion de qualité et à des contrôles réguliers;
- de profiter d'un soutien financier et technique de la part de l'Etat;
- de réduire les coûts énergétiques grâce à l'amélioration de l'efficacité énergétique;
- d'accéder à une plateforme d'échanges et à des exemples de bonne pratique;
- d'élargir l'offre communale relative à la sensibilisation, à l'information et au conseil de base;
- de renforcer son rôle exemplaire et de communiquer des actions exemplaires;
- de stimuler les investissements locaux et régionaux, les activités économiques et le marché de l'emploi et d'améliorer ainsi l'innovation et la compétitivité.

Un catalogue des mesures est à disposition pour orienter efficacement notre commune vers une politique durable.

Les mesures résultants du plan d'action seront soumises à un audit afin d'avoir une certification.

Pour plus de renseignements visitez le site www.pacteclimat.lu



PacteClimat



PacteClimat
European Energy Award



PacteClimat
European Energy Award Gold



Pestiziden

Problematik an Alternativen

Pestiziden

De Begrëff „Pestiziden“ gëtt oft als Synonym fir chemesch, synthetesch Planzeschutzmëttel benotzt, déi haaptsächlech an der Landwirtschaft agesat ginn, fir d’Gesondheet vu Kulturplanzen ze erhalen an hirer Vernichtung duerch Schädlingen entgéint ze wirken. Jee nodeems fir wéi een Zweck d’Planzeschutzmëttel agesat gëtt, ënnerdeelt een d’Substanzen an Insektiziden (Vernichtung vun Insekten), Herbiziden (Vernichtung vun Onkraut), Fungiziden (géint Pilzbefall), a.v.m. Parallel zu de Pestiziden gëtt et och nach d’Bioziden, déi am nët-landwirtschaftleche Beräich als Schädlingsbekämpfungsmëttel agesat ginn. Chemesch gesinn handelt et sech heibäi awer oft ëm déi selwecht oder ähnlech Wierksubstanzen wéi bei de Pestiziden.

D’Ufäng

Déi flächendeckend Uwendung vu Pestiziden, déi haaptsächlech an de fofzeger Joeren ugefaangen hunn, stinn an direktem Zesammenhang mat de gudde Rekolten, déi d’landwirtschaftlech Betriber säit Jorzéngten eranhuelen. Ouni Planzeschutz wieren d’Rekolten zum Deel wesentlech méi geréng, an et wier schwéier op akute Schädlingsbefall ze reagéieren. Donieft gi Pestiziden awer och no der Rekolt agesat, fir Verloschter bei der Liewensmëttellagerung an den zum Deel laangen Transporter vun lesswueren ze vermeiden.



D’Problematik

Pestiziden si chemesch Substanzen déi Insekten, Pilzer oder Onkraut vernichten. Dëst géif net funktionéieren wann déi Substanzen net iergendwéi gëfteg wieren. A wat fir Insekten a Planze gëfteg ass, ass och potentiell gëfteg fir d’Mënschen. Dofir ass et wichteg dass d’Wirkung vun all Pestizid genee ënnersicht gëtt, éier ee Produkt op de Maart



kënnt, fir de Risiko fir d’Mënschen- an d’Déierewelt sou kleng wéi méiglech ze halen. De Problem bei Pestiziden ass awer, dass een normalerweis keen akuten Effekt bemierkt - déi Quantitéiten u Pestiziden, déi vun eis Mënschen opgeholl ginn, si sou geréng, dass kuerzfristeg keng Beanträchtegungen entstinn. D’Gefore bei Pestiziden besteet haaptsächlech bei enger laangfristeger oder „chronescher“ Belaaschtung mat ganz klengen Quantitéiten u Pestiziden. Dofir si Laangzäitstudien (iwwer e puer Joer oder souguer Jorzéngten) iwwer d’Wirkung vu Pestiziden noutwenneg, an et ass oft net einfach ze soen, wéi eng Substanz fir wéi eng Auswierkunge verantwortlech ass.

D’Neonicotinoiden an de Round-up

Een aktuell Beispill heibäi ass d’Pestizidgrupp vun den „Neonicotinoiden“. Dës Famill vu Pestiziden gouf ufanks de siwwenzeger Joeren entwéckelt an no an no an der Landwirtschaft agesat, well dës Substanze ganz effektiv géint Schädlingen wéi Bladlais a Käfer sinn, a kee Risiko fir d’Mënschen an d’Déierewelt festgestallt gouf. An de leschte Joeren hunn awer eng Partie Studien, e.a. vun der Europäescher Autoritéit fir Liewensmëttelsécherheet (EFSA), festgestallt, dass dës Substanzen zum Deel gëfteg fir verschidde Notzdéiere sinn, an eventuell un dem grouse Stierwe vun de Beien an Europa an Amerika bedeelegt sinn. Dorops hi gouf d’Uwendung vun dëse Mëttele staark ageschränkt an a verschiddene Länner souguer ganz verbueden. En anert Beispill ass de Glyphosat, och bekannt als „Round-up“, deen iwwer déi lescht Joere massiv am landwirtschaftlechen, mee och am ëffentlechen a private Beräich agesat gouf. Verschidde rezent Studien, dorënner eng vum franséische Molekularbiolog Gilles-Eric Séralini, déi, och wann se ëmstridden ass, och an der Lëtzebuerger Press fir vill Opmierksamkeit gesuergt huet, huelen un, dass dës Substanz Auswierkungen op d’mënschlech Plazentazellen huet. Op Grond vun dësen neien Erkenntnisser gouf och den Asaz vun dëser Substanz, op mannst am landwirtschaftlechen Beräich, staark ageschränkt.

Verzicht op Pestiziden?

Ganz op Pestiziden ze verzichten ass awer, op Basis vun der heiteger Technik, nëmme bedingt méiglech, well Pestiziden ee Betribsmëttel sinn. Dat heescht, drop verzichte beaflosst déi wirtschaftlech Basis vun enger Majoritéit vu Landwirtschaftleche Betriber. Et gouf dofir an de leschte Joeren intensiv dru geschafft, fir den Asaz vu Pestiziden méi sécher ze maachen, an d'Auswirkungen op Mënsch an Umwelt sou geréng wéi méiglech ze halen. Sou mussen haut, éier ee Pestizid verkaaft duerf ginn, eng grouss Unzuel un Tester vun de Produzenten duerchgefouert ginn, an onofhängeg wëssenschaftlech Studië mussen d'Onbedenklechkeet vun de Wirksubstanzen beleeden. Och um Niveau vun der Europäescher Kommissioun goufen nei Veruerdnungen erlooss (d'Verordnung 396/2005 iwwer Grenzwäerter an de Liewensmëttel an d'Verordnung 1007/2009 iwwer den Handel mat Sprézmëttel) fir de Kontakt vun de Mënschen an den Déieren zu Planzeschutzmëttel op een tolerable Minimum ze reduzéieren.

Net all Beräich ass geregelt

Et bleift allerdéngs ee Beräich, dee weiderhin ongeregelt ass, an deem oft bei Diskussiounen iwwer Pestiziden ignoréiert gëtt: Privatleit an Hobbygärtner. An de Gäert a Bongerte vu Privatleit ginn tëscht 10 an 20 % vun alle Pestiziden, déi weltwäit verkaf ginn, verbraucht. D'Mëttelen, déi verbraucht ginn, kritt een an all Baumaart ze kafen, an des Produkter enthalen oft déi nämleche Substanze wéi déi, déi an der Landwirtschaft an op industriellem Niveau agesat ginn, deelweis gi se souguer ënnert dem selwechte Numm verkaf (z.B. de Round-up). Während landwirtschaftlech Betriber regelméisseg vun de staatlechen Administratiounen kontrolléiert ginn an hir Produkter op Pestizidréckstänn gepréift ginn, gëtt et op privatem Niveau quasi keng Kontrollen. Landwirtschaftlech an industriell Betriber mussen sech un déi sougenannten „gutt fachlech Praxis“ halen – op privatem Niveau gëtt des just recommandéiert, an dierft ville Leit gänzelech onbekannt sin. Donieft ass et, trotz klengen Haushaltspackungen, ouni Weideres méiglech, nom Motto „vill hëlleft vill“, d'Pestiziden ze iwwerdoséieren, wat fatal Follege fir déi nàher Ëmwelt huet, an deemno wéi, och fir déi Persoun, déi gesprézt huet, wa se net entspriechend geschützt ass.

Alternativen

Et gëtt zu deene genannte Planzeschutzmoossnahmen awer eng Rei vun Alternativen, déi zëmools fir de privaten an ëffentleche Beräich interessant sinn – och präislech, well vill vun de Sprézmëttelen am ëffentleche Verkaf vill Sue kaschten an oft iwwerdeiert sinn. Déi einfachst Methode si mechanescher Natur, wéi d'Erausrappe vum Mooss duerch Vertikultéieren amplaz chemesch dogéint virzegoen, oder thermescher Natur, wéi d'Vernichte vun Onkraut a Schädlinge mat kachend Waasser oder Feier. Et gëtt awer och méi a méi Planzeschutzmëttelen, déi Wirkstoffer aus der Natur benotzen,



wéi Brennesseljus, Schachtelhalmextrakt, oder Léisunge mat planzlechen oder animalesche Fetter (z.B. „schwaarz Seef“). Och wann des Mëttelen net alleguer genoe sou effektiv sin wéi d'chemesch Mëttelen, an eventuell eng Kéier méi oft mussen agesat ginn, erfëlle se awer hiren Zweck. Eng aner Méiglechkeet si Sprézmëttelen op mineralescher Basis, wéi Koffer- oder Eisesulfat als Herbizid, oder Netzschiefwiehl an handelsüblech Bakpulver als Fungizid, z.B. bei Mehltau op Rousen.

Am effektivsten ass awer wuel nach ëmmer d'Muskelkraaft fir unerwünschte Planzen erauszerrappen, an een Ëmdenke bei eis alleguer: net all vermeintlechen „Schädling“ an net all sougenannten „Onkraut“ ass wierklech ee Problem fir de Gaart...



Quellen :

- EFSA (European Food Safety Authority)
Thema: Pestizide. Juli 2013
- "EFSA identifies risks to bees from neonicotinoids"
Presseerklärung vum 16. Januar 2013
- Richard et al., Environ Health Perspect 2005, 113 (6), 716-720
- Séralini et al., Food Chem Tox 2012, 50, 4221-4231
- von Witzke et al. German Marshall Fund of the United States, Annual Report 2007.
- Codex Alimentarius

AIO

Blue Building Box

Die Blue Building Box®, die sinnvolle Gebäudeleittechnik, vereint alle Techniken der Steuerung, Regulierung und Überwachung von technischen Anlagen in den Gebäuden und ermöglicht gleichzeitig die Nutzung all dieser Techniken durch einen Fernzugriff via Internet. Die Blue Building Box® ist eine in jedem Gebäudetyp einsetzbare intelligente Einheit zur Optimierung der energetischen Regulierung, die weit mehr als nur ein einfaches Erfassen der Energieverbräuche ermöglicht.

Unsere Gemeinde hat sich für das System von All in One (AIO) entschieden. Ein hoch performantes System, das ermöglicht, über Internet ein Gebäude zu überwachen, zu steuern und zu dokumentieren. So wurde ganz rezent die Kirche unserer Gemeinde an das System angebunden.

Mehrere Fühler überwachen die Innentemperatur und regulieren die Heizung. Auf Wunsch können per Internetzugriff die aktuellen Werte abgerufen werden. Das System ermöglicht ebenfalls das Protokollieren von Fehlermeldungen oder Problemen.

In der Praxis bedeutet dies folgendes:

Die Zeiträume der Gottesdienste werden in der Software vorprogrammiert. Ungefähr 6 Stunden vor dem Beginn des Gottesdienstes startet das System die Heizung und reguliert sie auf die eingegebene Raumtemperatur. Zu jeder Zeit kann die Temperatur via Internetzugriff abgefragt werden. Nach dem Gottesdienst fährt die Heizung langsam wieder auf eine Minimumtemperatur herunter.

Der Wunsch der Gemeinde ist es, diese Blue Building Box in allen öffentlichen Gebäuden zu installieren.



Mehr Informationen zu diesem Thema gibt es auf www.aio.lu



iMac Ecole

D'Computeren an de Klassesäll waren an den Alter komm an d'Léierpersonal war un d'Gemeng erugetruede fir se ze erneieren, och wëll d'Kontrakter zu Enn komm waren, wor den Ament komm fir d'Material ze wiesselen.

Zesumme mam Léierpersonal gouf beschloss als éischt eng Analys ze maache fir eraus ze fanne wat fir e Material géif optimal passen. Um Enn gouf sech entscheet op Mac'en ze wiesselen, well déi am beschten den Uspréch an de Schoule géifen entsprechen, och an anere Gebaier ware gutt Erfahrungen gemeet ginn. Educdesign, déi sech op Computerapplikatiounen a

Sécherheet am Enseignement spezialiséiert hunn, sollt de Projet ëmzesetzen de System un d'Lafe kréien an eist Léierpersonal bei Problemer begleeten.

An all Klassesäll goufen 3 Maschinnen installéiert op deenen d'Kanner ënnert der Opsicht vum Léierpersonal kënnen schaffen.



Journée de Commemoration Nationale

In Gedenken an „13 Biisser Jongen“

Auf Initiative der Kulturkommission wurde am 12. Oktober in Bissen, an den Außenwänden der Kirche, eine Erinnerungstafel zu Ehren der Bisser Kriegsoffer des 2. Weltkrieges angebracht. Die Tafel hängt neben dem „Monument aux morts“.

Der Pfarrer Joël Santer deutete in seiner Rede darauf hin, dass die 13 Einwohner ihr Leben ließen, damit wir heute in Europa in Frieden leben können. Bürgermeister Jos Schummer erinnerte daran, dass auch heute noch Fanatismus und Terrorismus in der Welt weit verbreitet sind.

Gemeinsam mit Marcel Raths, Vertreter der zwangsrekrutierten „Bisser Jungen“ enthüllte der Bürgermeister die Tafel. Anschließend wurde sie vom Pfarrer gesegnet.



Unsere heutige Generation hat großen Respekt vor den mutigen Menschen, die sich früher konsequent gegen den Fanatismus und Terror in der Welt einsetzten.

Es sei hinzuzufügen, dass auch im 1. Weltkrieg viele Menschen ihr Leben ließen. In der feierlichen Messe wurde allen Kriegsoffern gedacht.

Begleitet wurde der Gesang der Chorale Saint-Cécile, dirigiert von Gaby Langehegerman, vom Orgelspiel des Organisten Jean-Marie Bock.

Im „Wonerbatty“ gab es anschließend noch einen Ehrenwein.



Neijoersch- iessen

Im Rahmen der diesjährigen Neujahrsfeier der Gemeindeverwaltung Bissen bedankte sich Bürgermeister Jos Schummer bei sämtlichen Schöffen- und Gemeinderatsmitgliedern sowie bei allen Mitarbeitern für die gute Zusammenarbeit im verflossenen Jahr. Dabei ließ Jos Schummer die wichtigsten Projekte innerhalb der Gemeinde Bissen Revue passieren. Ganz besonders bedankte sich das Gemeindeoberhaupt im Namen der Gemeindeverwaltung Bissen bei Diane Marini, die sich seit 1988 um die Erziehung der Schüler in der Primärschule mit vollem Einsatz und mit viel Verständnis, Feingefühl und Ausdauer zum Wohl ihrer Schulkinder, kümmerte.

Bedingt durch das neue Schulgesetz übernahm Diane Marini ebenfalls den Posten der Vorsitzenden im „Comité de cogestion“ in der Grundschule in Bissen, ein Amt das die dynamische Lehrerin bis heute mit Bravour auch meistern konnte. Als Zeichen des Dankes und der Anerkennung für ihre treuen Dienste während 25 Jahren im Bereich der Erziehung war es für Bürgermeister Jos Schummer eine besondere Ehre, Lehrerin Diane Marini ein Geschenk überreichen zu dürfen mit der Hoffnung auf eine weitere konstruktive Zusammenarbeit und dies ganz besonders im Bereich des kommunalen Schulwesens.



Autorisations de bâtir



Date	Requérant	Adresse	Travaux
28/11/13	Soc. KOZA S.A.R.L	17-19 rue de Boevange	démolition des bâtiments existants
13/12/13	M. et Mme REILAND	24, rue Jean Engel	construction d'une gloriette
28/10/13	Soc. SHELL Luxembourg	6, rte de Luxembourg	démolition d'une maison unifamiliale
24/10/13	Administration Communale	5B, route de Mersch	Construction d'une nouvelle école
22/11/13	Soc. LONGCHAMP S.A.R.L.	rue de l'Ecole	construction d'une maison bi-familiale
25/10/13	M. Marco HECK	11-13 route de Mersch	construction d'un escalier d'entrée
19/08/13	M. Patrick HECK vv	13, route de Mersch	construction d'une toiture sur terrasse
16/08/13	M. et Mme BOCK	5, rue de Pettange	aménagements extérieurs de jardin
14/08/13	Administration Communale	5B, route de Mersch	démolition de l'école préscolaire
14/08/13	M. et Mme GUDENBURG	13, an der Uecht	Travaux de déblai et remblai
14/08/13	M. Pit WALLENBORN	rue Jean Engel	Travaux de déblai et remblai
28/11/13	M. ToM. KREMER	Impasse Merelbach	construction d'une maison unifamiliale
19/08/13	M. Georges ADAM	6, rue de la Barrière	agrandissement d'une terrasse
19/08/13	M. et Mme PINTO	8, an der Uecht	construction d'un abri de jardin
19/08/13	M. et Mme ALONSO	2, an der Uecht	construction d'un mur de clôture
29/04/13	Mess ALVES - GUILHERME	18, cité Albert Raths	construction d'une véranda et agrandissement d'une terrasse
05/10/13	M. et Mme BISSEN	40, rue de Reckange	ériger un échafaudage
24/06/13	M. DE JESUS OLIVEIRA	2A, rue de Pettange	construction d'une maison unifamiliale
29/04/13	M. et Mme REUTER	25, rue Michel Stoffel	installation d'une toiture en verre sur terrasse existante
04/08/13	M. Guy MASSELTHER	1, Zone Industrielle Klengbousbiertg	installation d'un aspirateur industriel
05/10/13	Soc. CFL	A Pafend et rue de la Gare	mise ne place d'un mat en béton pour les besoins du réseau CFL
19/03/13	M. et Mme KAISER	17, aM. Grënnchen	Aménagement du jardin
05/10/13	M. DA SILVA FERNANDES	16, rue de la Chapelle	ériger un échafaudage
23/05/13	M. Marc TREFOIS	2, rue J.B. Kremer	rehaussement d'une toiture existante
23/05/13	M. Fernand DOSTERT	10, rue Dr. J.P. Ecker	construction métallique d'une terrasse
23/05/13	M. et Mme LIES	7, rue M.C. de Bertrand	Agrandissement et transformation
05/10/13	Soc. E-cone	9, rue de l'Ecole	construction d'un garage individuel
05/10/13	Soc. AMECO	1, rte de Bissen ROOST	construction d'un hall de stockage
29/04/13	M. et Mme SOARES DIAS SERRAS	27, rte. de Boevange	changement des portes et fenêtres
05/10/13	M. REISER	24, rue de Reckange	ériger un échafaudage pour travaux
05/10/13	M. DE CARVALHO	37, rue de Reckange	ériger un échafaudage pour travaux
05/10/13	Mme Sandy CLAREN	4, rue des Jardins	ériger un échafaudage pour travaux
29/04/13	M. Ilber OLOMANI	14, rue Nic Sinner	Déplacement d'une maisonnette
03/02/13	M. Sylvain PIETTE	5, op de Haed	changement des portes et fenêtres
19/08/13	M. Alex SINNER	19, Grand-Rue	rénovation et restauration
22/03/13	M. et Mme Thierry MAERTZ	rue des Jardins	construction d'une maison unifamiliale
04/05/13	M. et Mme REILAND	24, rue Jean Engel	construction d'une véranda
03/02/13	Mme Yvette REHLINGER	4, rue Nic Sinner	construction d'une véranda
03/04/13	M. et Mme SIMON	6, Grand-rue	ouverture d'une tranchée côté latéral
18/01/13	M. Sead BULJUBASIC	30, rue de Reckange	transformation d'une maison existante
03/04/13	M. Celso MARTA FERRAZ	1A, rue de Pettange	Renouvellement de la façade
03/05/13	M. et Mme MACHADO	6, an der Uecht	construction d'un abri de jardin
03/04/13	M. et Mme MACHADO	6, an der Uecht	construction d'un mur de 14 m
18/04/13	M. Jean-Paul HAHN	35, rue de la Chapelle	construction d'un mur de soutènement
18/04/13	M. Raymond KOLKES	1, rue Martin Greisch	remplacement de l'installation photovoltaïque
03/02/13	M. Herminio DOS SANTOS	1, rue Camille Biver	Reconstruction d'un jardin d'hiver
18/04/13	M. Frédéric PINTO	8, an der Uecht	construction d'un mur de soutènement
03/02/13	M. Sukri SALJIHAJ	26, rue Michel Stoffel	construction d'une gloriette
18/04/13	Mme CARVALHO	64, rue Charles Fred. Mersch	construction d'un abri de jardin
03/02/13	M. et Mme DA CUNHA	25, rue Jean Engel	installation de nouvelles portes et fenêtres
03/02/13	M. Claude SCHLEICH	40, rte de Finsterthal	Agrandissement , construction d'un hall
08/01/13	Soc. ARCELOR MITTAL S.A.	op der Schmëdd	démolition des bâtiments existants

Neie Wäschbuer

Zum Bild vum „Frounert“ gehéiert och d'Verlängerung déi aner Säit, do wou de Wäschbur steet. Et war also eng logesch Suite, och dësen Deel, deen dach e bësse vergiess do louch, opzewäerten. Dofir goufen dëst Joer, nodeems de Bau vun deenen 2 Haiser ofgeschloss war, och dës Plaz an den Zougank gebotzt a verschéinert.



D'Infrastrukturarbechte goufe vun enger Firma gemeet. Mä de Rescht huet eis Equipp, déi zoustänneg ass fir d'Grénganlage vun der Gemeng, selwer an d'Hand geholl.

Och wann elo d'Natur nach am Wanterschlof ass, wäerten d'Biisser Leit vum nächste Fréijoer un hei e flotten Eck virfanne fir gemittlech beim Waasser ze sëtzen. Dofir kommen nach eng Bänk dohin, an och eng Dréckskëscht an Tuten, wann den Hond mat ënnerwee ass. Verschidden „Iwwerreschter“ fannen, ass net flott, net fir déi Leit, déi trëppele ginn, an och net fir eis Gemengenaarbechter, déi beim Botzen dorop stoussen.

Den ale Wäschbuer bei der Atert, vis à vis vum Frounert gouf renovéiert. Dës ëffentlech Plaz soll eis Gemeng verschéinere a gläichzäiteg e Stéck Geschicht vu Biissen duerstellen. Op dësem Wäschbuer hunn d'Leit fréier hir Kleeder gewäsch, haut kann een hei déi schéin Natur um Bord vun der Atert genéissen.



Mobilitéé

Wann een an deene leschte Méint zu Biissen de Bus geholl huet, dann ass engem direkt opgefall, datt sech eng Rei Saache verännert hunn. Dat éischt wat ee gesäit, sinn déi nei Dréivirrichtungen, déi un de Pottoe bei de Bushaltestellen ubruecht goufen. Hei fënnt ee bis zu 8 verschidden Aushangfahrpläng, déi een ouni vill Opwand hin a hier dréine kann, bis een déi Linn fonnt huet, vun där ee gäre méi wësse wëll. Dës Dréivirrichtung goufe vun der Gemeng Biissen kaf an installéiert, fir et den Awunner méi liicht ze maachen, séier déi fir si wichteg Informatioun ze fannen.



Och goufen a verschiddene Bushaisercher d'Reiden ersat, fir méi Plaz fir déi nei Aushangfahrpläng ze bidden. Et ass esou, datt de Verkéiersverbond ufanks 2013 en neie Format vun Aushangfahrpläng un d'Gemenge verdeelt huet. Dës nei Aushäng goufen an engem interdisziplinären Aarbechtsgrupp, bei deem ënnert anerem och de Grupp MEGA deelgeholl huet, entwéckelt, fir neiste Standarde vu Liesbarkeet, awer och vu Versteesdemech fir Matmënsche mat Behënnerung, ze entspriechen. De Wiessel op dës neit Format huet et mat sech bruecht, datt d'Gemengen hu missen hir Këschten, an deenen d'Fahrpläng ausgehaang ginn, upassen. Wann Dir méi iwwert dës Aushangfahrpläng gewuer wëllt ginn, oder iech net sécher sidd, wéi een se soll liesen, da fannt Dir all Äntwert um Site www.mobiliteit.lu vum Verkéiersverbond.

De Verkéiersverbond ass en Etablissement public, dat deem Minister ënnersteet, deen den Transport a senger Responsabilitéiten huet. D'Haaptaufgab vum Verkéiersverbond ass, d'Koordinatioun vun de Réseau vum ëffentlechen Transport ze verbesseren,

fir datt bis 2020 e Modal-Split vu 25/75 % ze erreechen ass. Fir dës ëmzesetzen, definéiert de Verkéiersverbond Aktiounen an entwéckelt Projete mat senger Partner: d'Autobus de la Ville de Luxembourg (AVL), d'Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (SNCFL), d'Fédération Luxembourgeoise des Exploitants d'Autobus et d'Autocars (FLEAA), de Régime Général des Transports Routiers (RGTR), den Transport Intercommunal de Personnes dans le Canton d'Esch-sur-Alzette (TICE) an de Syndicat des Villes et Communes luxembourgeoises (Syvicol). De Verkéiersverbond bitt als Service d'Mobilitészentral un. Dës ass hiert „Kundenzentrum“, eng Plattform fir den direkte Kontakt mam Client vum ëffentlechen Transport an och fir jiddereen, deen un alternative Verkéiersmëttelen interesséiert ass.

Sou wéi zu Biissen d'Ëmsetzung um Terrain virgeholl gouf, a mat der App vum Verkéiersverbond fir Smartphones, an där een de beschte Wee vun Adress zu Adress ugewise kritt, ass den Awunner vun der Gemeng elo ëmmer um leschte Stand, wéini a wou hien den nächste Bus fir op seng Destinatioun ka kréien. Hei kann een dann och nach op d'Internetsäit vum Verkéiersverbond opmierksam maachen, op dës een deeswechte Service wéi an der App fënnt, just ebe mat vill méi Méiglechkeeten, a mat all Informatioun zum ëffentlechen Transport an zu alternative Verkéiersmëttelen. Dir kënnt iech zum Beispill Är Buslinn, déi Dir haaptsächlech notzt, als sougenannten „Kühlschrankplan“ ausdrécken: Hei gitt Dir den Arrêt un, op deem Dir de Bus normalerweis huelt, an d'Destinatioun, op déi Dir normalerweis fuert. Den „Horaire intégré“ um Site www.mobiliteit.lu generéiert Iech doropshin Ären individuelle Fuerplang mat allen Zäiten iwwert den Dag gekuckt, deen Dir iech kënnt erausdrécken, an un de Frigo hänken. Sou wësst Dir ëmmer wéini deen nächste Bus fiert. Dës a vill weider Méiglechkeete fannt Dir op www.mobiliteit.lu. Dann huet de Verkéiersverbond elo viru Kuerzem och nach eng weider App fir Smartphones erausbruecht. „M-Ticket“ heescht dës Applikatioun, a wéi den Numm et schonns verréit, kënnt Dir hei Äre Kuerzäit- an Äre Dagesbilljee fir den ëffentlechen Transport kafen. Eenzel, oder am avantagéise Carnet. Dir bezuelt sécher a séier iwwer DigiCash oder Flashiz, a validéiert Ären Ticket, ier Dir an de Bus oder an den Zuch klammt. Dem Verkéiersverbond seng Smartphone App fannt Dir ënnert www.mobiliteit.lu

Dir gesitt: Zu Biissen ass den Awunner vum ëffentlechen Transport ëmmer top informéiert a brauch sech ni laang d'Fro ze stellen, wéi a wéini hie vun A op B kënnt.

Wahlresultat

vum 20. Oktober 2013

aus der Gemeng Biissen


Ageschriwwte Wieler	1441
Et hu gewielt	1359
Ongëlteg Wahlziedelen	107 (dovu waren der 55 wäiss)
Gëlteg Wahlziedelen	1252

Stëmmenzuel pro Partei

Déi Lénk	804
A.D.R.	1404
KPL	219
DP	4697
Piraterpartei	794
déi gréng	2451
LSAP	3859
CSV	8985
PID	462

Déi 2 meescht gewielte Politiker pro Partei

Déi Lénk	David Wagner	57
	Justin Turpel	56
A.D.R.	Roy Reding	169
	Marceline Goergen	85
KPL	Carole Bestgen	19
	Gilles Fischbach	16
DP	Xavier Bettel	655
	Lydie Polfer	319
Piraterpartei	Sven Clement	128
	Jerry Weyer	43
déi gréng	Claude Adam	332
	François Bausch	244
LSAP	Etienne Schneider	478
	Bim Diederich	297
CSV	Claude Wiseler	619
	Luc Frieden	610
PID	Alphonse Conrardy	41
	Jean-Pierre Rosen	28



Kommissioun 3. Alter

Mat Spill a Spaass



duerch eis Bëscher



Et ass mëttlerweil schonn eng Tradition vum der Kommissioun vum 3. Alter ginn, een Tour, nom Motto „mat Spill a Spaass duerch eis Bëscher“, fir eis eeler Matbierger ze organiséieren. Dat Ganzt ass ëmmer tiptop duerchorganiséiert, an d'Wieder hat och 2013 erëm matgespillt.



D'Pomjeeë sinn dobäi, fir am Fall vun engem Problem direkt hëllefen ze kënnen oder fir Leit, déi manner gutt zu Fouss sinn, de Rescht vum Tour ze féieren. Ënnerwee gi regelméisseg Pause gemeet, wou et eppes ze drénke gëtt a wou d'Leit d'Méiglechkeet hunn, un engem Spill oder Quiz deelzehuelen. Zum Ofschloss vun dësem flotten Nomëtteg goung et an de Wonerbatty, wou all d'Participanten nach e puer flott Stonne bei lessen a Gedrénks zesumme verbruecht hunn.



Kommission 3. Alter

Adventsfeier mit Seniorenehrung



Traditionsgemäß zum zweiten Adventssonntag lädt die Kommission vom dritten Alter, in Zusammenarbeit mit der Gemeindeverwaltung Bissen, ihre älteren Mitbürger ein, um im Rahmen einer Adventsfeier ihren Senioren einige gemütliche Stunden zu gönnen. So waren auch dieser Jahr nicht weniger als 140 Senioren dieser Einladung ins Sportszentrum von Bissen gefolgt und ließen sich das gemeinsame Mittagessen auch gut munden. Dabei strich Präsident Patrick Schmit die Tätigkeiten der lokalen Kommission im Alltag hervor. Dann erklärte er allen Anwesenden das Leben mit Bewegung und Veränderung, im Rahmen ihrer Öffentlichkeitsarbeit, dem Projekt „die vier Jahreszeiten- Brücke zur Gemeinde“.

Bürgermeister Jos Schummer hob den Stellenwert der älteren Mitbürger in der Gemeinde besonders hervor und wünschte schon im Vorfeld schöne und besinnliche Feiertage. Die musikalische Gestaltung dieser Feier hatte die „Jugendstrépp“ der Fanfare Bissen übernommen. Im Anschluss wurden traditionell, durch die Ziehung von Losen, Senioren beschenkt. So konnten Félicie Bohler- Weisgerber und Richard Schmitz sich über ein Grillset freuen. Bei den Ehepaaren fiel das Los auf Thérèse und Léo George-Thilmany, die einen Geschenkkorb in Empfang nehmen konnten. Zum Abschluss machte sich die Gemeindeverwaltung eine Ehre daraus, allen Teilnehmern einen Regenschirm mit dem Logo der Gemeinde Bissen zu schenken.



Nouvelles de la **Maison Relais** „Un der Atert“

Ferien- aktivitäten in Bissen

**Spaß und
Abenteuer
für über
140 Kinder**



Vom 22. Juli bis zum 2. August fanden in Bissen die Ferienaktivitäten unter dem Thema DJUNAFARI statt. Über 140 Kinder aus der Gemeinde Bissen waren für die Ferienaktivitäten eingeschrieben und hatten während zwei Wochen reichlich Spaß an den verschiedenen Aktionen. Die Aktivitäten wurden in drei Gruppen eingeteilt: 1. Zyklus, Zyklus 2.1-3.1 und Zyklus 3.2-4.2.

Vom Besuch des Zoos von Amnéville, einem Ausflug auf den Burfelt und nach Hollenfels, einer Dschungelrallye, Adventure Trekking und dem Herstellen eigener Musikinstrumente bis hin zum Single Paddle und Radfahren auf dem Oberstausee war für jeden Geschmack etwas dabei.

Beim Abschlussfest wurde den über 200 Besuchern ein kleines Theaterstück vorgeführt, und es konnten leckere Dschungelcocktails probiert werden.

Die Kinder der Maison Relais 'Un der Atert' erlebten spannende Tage und freuen sich auf die Ferienaktivitäten im Jahr 2014.



Schoulfest 2013

Den 12. Juli war d'Ofschlossfest vum Schouljoer 2012/2013. Et gouf organiséiert vum Léierpersonal an dem Elterecomité, mat der Hëllef vum Eltereveräin an der Maison Relais. D'Schoulfest stong ënnert dem Thema „Bicher“.

Moies hunn d'Kanner, zesumme mat hirem Léierpersonal, bei herrlechem Wieder ee Rallye duerch a ronderëm Biissen gemaach.

Alles huet sech dobäi ëm Bicher bzw. Liesen a Verstoe gedréint.

An der Mëttesstonn gouf et dann déi néideg Stärkung: Nuddele mat bolognaise Zooss, déi frësch vun der Maison Relais préparéiert goufen.

Fir den Nomëtteg waren du verschidden Optrëtter geplangt:

D'Kanner aus der Zirkusschoul vun der Maison Relais hunn ab 13.45 Auer hir Konschtstécker gewisen.

Um 14.30 Auer hunn dann d'Schüler an Schülerinne vum Cycle 4.2 hir Talentshow, déi si zum Ofschloss vun hirer Grondschoulszäit astudéiert haten, presentéiert.

D'Eltere waren och invitéiert an hu sech vun deene verschiddenen Opféierunge begeeschtere gelooss.

Um 16 Auer war d'Schoul aus, an den Elterecomité huet duerno nach bei der Sportshal gegrillt a sou den Dag gemittlech ausklénge gelooss.

D'Crèche Margréitchen

geet an den **Zirkus**

Freides, den 30. August war fir vill Kanner de leschten Dag an der Crèche Margréitchen. Ier si awer am September an de Précoce an an d'Maison Relais wiesselen, hunn d' Kanner, d'Elteren an d'Educatoren nach en Ausflug zesummen an den Zirkus ënnerholl. Clownen, Déieren an Akrobaten hunn eis un d'Laachen a Staune bruecht, an als Ofschloss gouf et Kaffi a Kuch an der Crèche. D'Equipe vun der Crèche Margréitchen wënscht de Kanner an hiren Elteren nach all Guddes a vill Erfolleg op hirem weidere Wee.



Crèche Margréitchen

Choco Crossien, Pralinéén a Co fir e gudden Zweck



Kanner, Elteren an Erzéier maache Knippercher

De 27. November huet d'Crèche "Margréitchen" an d'Maison Relais "Un der Atert" d'Elteren an d'Kanner agelueden, zesummen aktiv de Chrëschtmaart zu Biissen virzubereeden.

Den Echo vun dëser Invitatioun war enorm. Nieft de ville Kanner hu sech 53 Erwuessener afonnt a sech dëser Erausforderung ugeholl. Zesumme goufe vill verschidde Variante vu Pralinéén hiergestallt an och direkt ausprobéiert; vu Marzipanbullen iwwer Kuch bis hin zu Cornflakes-Pralinéén. All Bedeelegten, ob grouss oder kleng, hate risegé Spaass bei de Virbereedungen a freeë sech schonn op déi nächst gemeinsam Aktivitéit.

Den Erléis vum Chrëschtmaart geet integral un "d'Maison Françoise Dolto" vun Elisabeth.


Den 30. November hunn d'Crèche "Margréitchen" an d'Maison Relais "Un der Atert" zesummen um Chrëschtmaart zu Biissen deelgeholl. Et goufe Knippercher a Gebeess verkaft, déi e puer Deeg virdrun zesumme mat de Kanner an der Hëllef vun hiren Eltere gemaach gi waren.

Den Erléis vun dësem Chrëschtmaart, deen 1000 Euro bedréit, gëtt dem Foyer "Maison Françoise Dolto" vun Elisabeth gespent.

Un dëser Plaz wollt d'Personal vun der Crèche an der Maison Relais den Elteren a Kanner, déi gehollef hunn, nach eng Kéier ganz härezelech Merci soe fir hiren engagéierten Asaz!



Commission Culturelle



Auditions Elèves

Pour Noël 2013, le Conservatoire du Nord, ensemble avec la commission culturelle de Bissen, a organisé une audition d'élèves de très haut niveau, des pièces harmonieuses avec des chants particulièrement beaux des élèves Loïc Brune, trompette; Perrine Bieux, clarinette; Jean-Emmanuel Klein, trompette; Dylan Dias Guilherme, saxophone; Rachel Becker, bugle; Jil Zellinger, chant; Julie Manternach, trombone; Joanna Klein, bugle; Léa Brune, clarinette; Julie Ries, saxophone; Frank Schmitgen, trombone; Vicky Wallers, saxophone; Christophe Terver, cornet.

Cette audition était digne d'un concert de Noël. Félicitations aux jeunes talents qui ont tous un avenir prometteur. La commune de Bissen est fière de pouvoir soutenir ces jeunes.



Commission Culturelle

Monschau

Den 21. September war d'Kulturkommissioun vu Bissen mat 26 Leit op Monschau. Mir sinn duerch den "Hohes Venn" gefuer a sinn och bei engem impressionante Monument aus dem 2. Weltkrieg stoe bliwwen.

D'Stiedche Monschau ass op alle Fall kuckeswäert: Hei ass d'Mettelalter nach lieweg; dodernieft get et eng Moschterfabrik, eng Glasbleiserei, eng Brauerei a ganz vill flott Geschäfte a Restaurenten.

Et war fir jiddereen eppes derbäi. E flotten Dag!





LASEP im Schuljahr 2013/2014

Für das Schuljahr 2013/2014 wurde in Bissen die LASEP wieder eingeführt. Die "Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire", abgekürzt LASEP, steht gleich für Sport und Spiel für Kinder aus der Grundschule.

In der LASEP bekommt jedes Kind die Möglichkeit Sport zu betreiben. Sportbegeisterte Kinder, die von klein auf Spaß am Sportbetrieb haben, sollten gefördert werden.

In Bissen bietet die LASEP in diesem Jahr Sport für die Zyklen 3 und 4 an. Zurzeit sind 27 Schüler in der "Biisser Lasep" angemeldet. Jedes Kind aus dem Zyklus 3 und 4 kann sich noch während des gesamten Schuljahres einschreiben.

Die "Biisser Lasep" besteht einerseits aus Trainingseinheiten dienstags von 14 bis 15 Uhr für den Zyklus 3 und donnerstags von 14 bis 15 Uhr für den Zyklus 4. Diese Trainingseinheiten sind sehr abwechslungsreich. Jede Woche wird eine andere Sportart angeboten. Zudem wird sich gezielt auf die bevorstehenden Sportfeste vorbereitet, so dass die Sportart auch verstanden und durchgeführt werden kann.

Auf der anderen Seite werden die in der Lasep eingeschriebenen Schüler auch an zahlreichen Sportfesten teilnehmen, die über das gesamte Schuljahr verteilt sind.

Der erste Sportausflug war der "Cross National in Ettelbruck", wo die Kinder, je nach Altersklasse, 500-1500 m, laufend zurücklegen sollten. Insgesamt 10 Kinder der "Biisser Lasep" nahmen am Rennen teil.

Neben den offiziellen Sportfesten der Lasep, kann eine Sportsektion auch eigens Sportausflüge organisieren und durchführen. Geplant ist ein Ausflug in einen Hochseilgarten, in ein Schwimmbad oder/und zum Schlittschuhlaufen, je nach Bedarf.

Landesweit waren im letzten Jahr 66 Lasep Sektionen angemeldet, wobei rund 5400 Kinder Sport in der Lasep betrieben. Die Anzahl der teilnehmenden Kinder steigt jährlich.

2014 feiert die LASEP 50-jähriges Bestehen. Mehr dazu in einer weiteren Ausgabe des "Klautjen".



Ein kleiner Überblick über die Sportfeste der Lasep:

Calendrier sportif 2013 - 2014

1^{er} semestre

- Mardi 19.11. Butzen cycles 1+2 à Esch/Lallange et à Lux./Kiem
- Jeudi 21.11. Butzen cycles 1+2 à Munsbach et à Hosingen
- Mardi 26.11. Butzen cycles 1+2 à Remich
- Jeudi 12.12. Football-Indoor Finales (Scolaires) à Kehlen
- Mardi 17.12. Football-Indoor Finales (Débutants) à la Coque
- Mardi 14.1. Football-Indoor filles Finales à Préizerdaul
- Mardi 21.1. Freed mat Liichtathletik (filles + débutants mixtes)
- Mardi 28.1. Freed mat Liichtathletik (garçons + scolaires mixtes)



2^e semestre

- Mardi 11.2. Basketballfest
- Mardi 4.3. Dëschttennistfest a Promo
- Mardi 11.3. Butzen an der Coque
- Mardi 18.3. Schwammspiller cycles 1+2
- Jeudi 20.3. Schwammspiller cycles 1+2
- Mardi 25.3. Schwammspiller cycles 1+2
- Jeudi 3.4. Handballfest
- Mardi 29.4. Schwammspiller cycles 3+4
- Jeudi 8.5. 50 Joer LASEP Multisports à Luxembourg
- Mardi 20.5. Schwammfest um Belair
- Mardi 3.6. Brevet sportif et Mini-Brevet sportif LASEP à la Coque
- Jeudi 19.6. Fussballfest
- Jeudi 26.6. Volleyballfest a Promo
- Mardi 1.7. Multi-balles-Fest



Finale vun der Coupe Scolaire fir jonk Cyclisten

Gewënnerin Charline Ries vu Biissen

De 7. Juli 2013 war um Cents d'national Finale vun der Coupe Scolaire, wou d'Charline Ries Biissen vertrueden huet. Hatt hat sech nämlech an der lokaler Coupe Scolaire als Beschta aus dem Cycle 4 dofir qualifizéiert.

Och um Cents huet d'Charline missen en theoreteschen Deel mat 10 Froen zum Code de la Route beäntweren. Dono goung et dann op ee Parcours duerch ee Wunnvéirel, wou Polizisten, Elteren, Léierpersonal an aner Fräiwëlleger op 14 Kontrollposten d'Verhale vun de jonke Vëlosfuerer kritesch bekuckt hunn.

Géint hallwer 6 war dunn d'Präisverdeelung. Tatsächlech hate vun de 64 Finalisten dräi Kanner et gepackt, souwuel den theoretesche wéi och de prakteschen Deel ouni een eenzege Feeler ze maachen.

Eent vun deene war d'Charline. Dat verdénkt schonn en décke Luef. Datt d'Charline sech gutt virbereet hat, steet ouni Zweifel, hatt war souguer mat sengem Papp an der Woch vrun der Finale zweemol op den Cents trainéieren.

Als Präis konnt hatt e flotte Vëlo an e Bong vu 25€ mat heem huelen.



Lëtzebuergesche Schreifatelier an der Biisser Gemeng



Fréier war Lëtzebuergesch haapt-
sächlech eng geschwate Sprooch,
mee säit 1999 hu mir a Lëtzebuerg eng offiziell
Schreifweis.

Mat vill Witz a Charme hunn d'Christiane Ehlinger
an den Änder Kohl am Wonerbatty de Leit
d'Lëtzebuergesch Schreiw méi no bruecht. Dës
Orthographiecoursen goufen organiséiert vum
Mierscher Lieshaus. Insgesamt 18 Leit hunn un
dëse Coursen deelgeholl, déi iwwert 7 Owend,
mat am Ganze 14 Stonnen, ofgehalen gi sinn.

Et gung an dëse Coursen drëms, de Leit
d'Schreifweis vum Lëtzebuergesch méi no
ze bréngen. Dobäi sollte si och Spaass kréien,
sech orthographesch richteg an der schrëftlecher
Sprooch auszudrécken.

„D'Joffer“ Christiane huet déi fofzéng Kapitelen aus
hirem Buch am eenzelnen erkläert, an anhand
vu ville Beispiller huet den Änder se dunne un
d'Tafel geschriwwen. Zesumme goufe suwuel
Wahlplakater, ewéi och Wahlflyeren ënnert d'Lupp
geholl. Wat een do vill Feeler fënnt!!

Déi 18 motivéiert Leit hu Woch fir Woch hir
„Hausaufgaben“ gemaach an och mol Diktater
doheem geknupp.

Mat Bravour hu se et alleguer gepackt a sinn
elo méi fit am Lëtzebuergesch Schreiw.

Um leschten Owend goufen d'Certificaten a Presenz
vu verschiddene Gemengenautoritéiten a vum
Angelika Bräutigam, Directrice am Mierscher Lieshaus,
iwwerreicht. Uschlëssend gouf mat engem klengen
Éirewäin op déi nei Kenntniss ugestouss.

Checkiwwerreeschung

D'Bisser Rout Kräiz Sektoun konnt sech dann am Laf vun dësem Joer och iwwer een Don vun 1000 Euro freeën, deem de Bisser Assurancebüro Feith hier gemaach hat.



Summerfest a Porte ouverte an der Crèche Margréitchen

Den 10. Juli 2013 huet d'Crèche Margréitchen säin alljährlecht Summerfest gefeiert. Verschidden Ateliere goufen ugebueden. Hei konnten d'Kanner fëschchen, e Bobbycar-Renne fueren oder op enger Staffelei gemeinsam e Bild verwierklechen. Am Atelier vun der Gesichtsmlerei goufen d'Kanner an Tigeren a Päiperleke verwandelt. Bei dëser Geleeënheet huet d'Crèche och fir zukünfteg Elteren seng Dieren opgemaach, sou dass si sech d'Raimlechkeete konnten ukucken. Zum Ofschloss konnten d'Elteren sech d'Ausstellung vun de Kanner, déi duerch d'ganz Crèche gefouert huet, ukucken a krute bei e puer Schnittercher e Film iwwert den Alldag an der Crèche gewisen, dee vun der Equipe realiséiert gi war.









Mierscher Lieshaus

Lieshaus - D'Loscht um Liesen

Ëffentlech Bibliothék an Internetstuf

Öffnungszeiten:

Di., Do., Fr.: 14-18 Uhr
Mi. 16-20 Uhr
Sa.: 10-12 Uhr
So., Mo.: geschlossen

Internetsite mit Online-Katalog unter:

www.mierscher-lieshaus.lu

Programm Januar-Mäerz 2014

Informationen auch auf unserer Homepage: www.mierscher-lieshaus.lu

Anmeldung erforderlich: 26 32 21 13 oder E-Mail: kontakt@mierscher-lieshaus.lu

Tag	Datum	Zeit	Wo	Veranstaltung	Info
freitags	28.02.	19h30	Lieshaus	Kreatives schreiben	5 x freitags. Weitere Termine: 21.03./25.04./23.05./28.06. Animation Wally Differding. Teilnahmegebühr: 75€ Anmeldung bis 14.02.2014
Samstag	01.03.	11 Uhr	Lieshaus	Geschichten für Kids	D'Grüffelokand präsentiert vum Martine Schoellen
Mittwoch	12.03.	19 Uhr	Lieshaus	Literaturzirkel „Bücher im Gespräch“	Shani BOIANJIU, Das Volk der Ewigkeit kennt keine Angst Animation: Wally Differding. Teilnahme gratis, um Anmeldung wird gebeten. Anmeldung unter 26 32 21 13
Samstag	22.03.	11 Uhr	Lieshaus	Geschichten für Kids	„D'Himmelsschof ELISABETH“ präsentiert vum Martine Gillen fir Kanner vu zwee Joer un. Fräi Entrée
Samstag	29.03.	14-17Uhr	Lieshaus	Workshop Buchkunst	Es wird gezeigt, wie man durch Falttechniken kleine Kunstwerke aus alten Büchern herstellen kann. Für Erwachsene und Schüler ab Cycle 4 Animation: Eliane Lothritz. Teilnahmegebühr: 15€. Anmeldung bis 22.02.2014. Keine Vorkenntnisse erforderlich, Material ist im Kurs erhältlich

Siden



Biissen gehéiert dem SIDEN (Syndicat Intercommunal de Dépollution des Eaux résiduaires du Nord) un a läit um Rand vum flächeméisseg gréissten Ofwaassersyndikat vu Lëtzebuerg.

Am November hat de Schäfferot d'Leit aus dem Service Technique op eng Visite vun der Kläranlag Heischtergronn invitéiert. Déi ass zanter 2009 a Betrib a gehéiert zu de modernsten Anlagen hei zu Lëtzebuerg.

Interessant ass, dass dës Kläranlag grouss Ennerscheeder an der Mass vu Schmutzwaasser, déi ze kläre sinn, ophuele kann. Am Summer verduebelt sech d'Uliwwerung vu knaschtegem Waasser, bedéngt duerch den Zouwuess vun den Touristen an dëser Géigend a besonnesch op de Campingen. A well dës Anlag no bei Badegewässer läit, ginn et besonnesch Ufuerderungen, déi musse garantéiert ginn, ier datt dat gekläert Schmutzwaasser zeréck an d'Sauer fléisse gelooss ka ginn.

